



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
Saint Jean
Diddeleng



Friichtesorbet selwer maachen :

Fir wien ?

- Fir Kleng a Grouss

Wei laang ?

- Et hänkt dovun of wéivill Zäit een sech hält. Mat de Biber kann een dat ganz op 1.5h zéie wann ee gemitterlech mécht.

Materialsléscht :

- Zip-Lock Tuten (1L)
- Bësse méi grouss Gefréiertuten (evtl 3L)
- Äis, am beschte crushed Äis
- Zocker
- Friichten :
Z.B Äerdbieren, Bananne, Kiwi, Molbier, ...

Duerchféierung:

1. D'Uebst wäschen a schielen.
2. An déi kleng Zip-Lock Tuut kommen d'Friichten dran. – D'Friichte kënnen roueg e bësse méi grouss gelooss ginn.
3. Wann dir dat wëllt kënnst dir ee Löffel Zocker bei d'Friichte ginn.
4. De Zip-Lock gëtt zougemaach ouni dass nach Loft dran ass.
5. Mat den Hänn ginn d'Friichten zerdätscht, bis dass dat ganz eng Smoothie-Konsistenz huet.
6. An déi méi grouss Gefréiertut kënnst d'Äis (et klappt besser mat crushed Ice, well d'Uewerfläch méi grouss ass vum Äis)
7. Op d'Äis kommen zwee lesslöffel Salz.
8. Déi kleng ZipLock Tuut mam Smoothie dra kënnst elo integral an déi grouss Tut dran.
 - a. Oppassen, dass déi kleng Tut uerdentlech zou ass! Net dass Salzwaasser an de Smoothie/Sorbet drakënnst

Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Grupp Saint Jean Diddeleng

<http://www.diddeleng.lgs.lu> – Email : biber.diddeleng@gmail.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux⁺

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mit Obal

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1889



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
Saint Jean
Diddeleng



9. Dat Ganzt gött mat den Hänn lo getriwwelt. Lues a lues gefréiert de Friichtesorbet.
10. GANZ WICHTEG : Loosst lech et schmaachen!

Tipps:

- Benutzt crushed Ice -> Méi Ugrëffsfläch fir d'Salz
 - Friichten déi wéineg Waasser dran hu si besser heivir. (Bananne, Äerdbieren, Kiwi, Molbieren, ...)
- Wat méi Waasser (Orange, Zitroun, ...), wat et méi laang braucht fir ze gefréieren.
- Wiesselt lech of mat deene méi grouse Gefréiertuten, dat ganz ass soss ze vill onökologesch!
 - Wann de Sorbet no 10min net gefruer ass, da probéiert nach Äis derbäi ze maachen, oder de Sorbet fir dee leschten Touch an d'Gefréierfaach ze leeën.

Fotoen:



Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Grupp Saint Jean Diddeleng

<http://www.diddeleng.lgs.lu> – Email : biber.diddeleng@gmail.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux⁺

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mat Oëst

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1889